

Do gesäit een, datt d'Regierung, wann esou Kontestationen opkommen, d'Prozedur emol fir d'ëischt zéng Jor leie léisst, fir datt jo nëmmen näischt geschitt an de Conseil d'Etat jo nëmmen nët - wéi dat fréier war - mat der Affär befaasst gët. Wann da schlussendlech d'Gerichtsbarkheet befaasst gët, an de Stat gët och nach condemnéiert, well e verschidden Illegalitéite gemaacht an ausbezuekt huet, da kënnt eng Décisioun vun der Regierung, déi seet, datt déi Leit, déi illegal Gehälter kritt hätten, se nët rembourséiere missten.

Ech mengen dofir, datt et wichteg as, fir bei dëser Geleënheet prezis Délaië festzeleën an d'Litigen, déi tëschent der Regierung an der Chambre des Comptes entstinn, viru Gerichter ze droen a jugéieren ze loossen. Ech sin nët domat d'accord, datt den «double degré de juridiction» soll ofgeschaaft gin, an datt et bei där ablécklecher Praxis bleiwe soll, datt nëmmen d'Cour administrative saiséiert soll gin. Mir sin och nët domat d'accord, datt dat soll am Geheimen debattéiert gin, an nët en séance publique!

Et muss een och bedauern, datt hei déi Fonctionnaires, beispillsweis déi Ministèren, déi concernéiert sin, nët an de Prozess mat abezu gin, datt also hannert hirem Réck Interpretatiounen an Applikatiounen vu Gesetzer décidéiert gin. Och do mengen ech, datt d'Dispositiounen vum Statut vun de Fonctionnaire solle respektéiert gin! Dat heescht, wann e Litige iwwert e Gehalt tëschent der Regierung an der Chambre des Comptes stattfënt, datt an deem Moment de Fonctionnaire muss informéiert gin an esou och séng Vuën am Prozess virdroë kann.

D'Iddi vum Rapporteur, fir déi Urteler, déi getraff gin, der Châmber obligatoresch zoukommen ze loossen, begreisse mir. Dat as eppes, wat mir an dësem Kontext positiv ervirsträiche wëllen. Mä mam Rescht vun den Dispositiounen vum Artikel 56 kënne mir nët d'accord sin, an et musse méi prezis Délaiën an dat Ganzt erakommen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Den Här Minister Luc Frieden huet d'Wuert gefrot.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Här President, ech wollt jhust nëmmen e Wuert zu deem soen, wat den Här Henckes elo grad gesot huet. Den Här Henckes huet gesot, datt d'Regierung an deem Kontext hir Hausaufgaben nët gemaacht hätt. Mäi Virgänger, an ech delen déi Meinung, huet gesot, datt, wann en Deputéierten, dat heescht d'Châmber, eng Initiativ wëll huelen, fir eng Proposition de loi ze maachen, dat dann e positive Phänomeen vum Parlamentarismus as. Dat gouf an dene leschte Joren öfters gemaacht, an och an där Kommissioun, wou mir zesumme waren.

Do soll een als Regierung nët virdru lafen a soen, datt d'Châmber dat nët maache soll, fir datt d'Regierung e Projet de loi amplaz déposéiert. Ech mengen, datt et remarkabel as, wann en Deputéierten, wéi hei den honorablen Här Biltgen, eng Proposition de loi mécht. D'Regierung weess, datt d'Châmber den ëischte Pouvoir am Land as, an d'Châmber soll vun hirem Initiativrecht, wat si vun der Verfassung kritt huet, Gebrauch maachen. An dësem Fall, wéi och an aneren!

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner as den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem Här Biltgen séng Proposition de loi as ganz interessant. Et as him gelongen, se nom zweten Ulaaf ze presentéieren. Esou wéi se ausgefall as, kënne mer mat op dee Wee goen. Mir kréien nach d'Geleënheet, fir an der zoustänneger Kommissioun driwwer ze schwätzen. Dem Här Biltgen méng Félicitatiounen fir dës Proposition de loi.

M. le Président. - Domat wär dee Punkt dann ofgeschloss. Mir kommen dann elo zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung; an dat as d'Proposition de révision vum Artikel 69 vun der Verfassung. Dës Proposition as vum Här Lucien Weiler agereecht gin. Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

6. Proposition de révision 4285 de M. Lucien Weiler de l'article 69 de la Constitution

M. Lucien Weiler (CSV), auteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, méng Partei hat an hire Walprogramm fir déi lescht Walen e Saz geschriwwen, wou mir proposéiert hun, fir d'parlamentaresch Immunitéit vun den Deputéierten ofzeschaffen. Dat war global a pauschal gemengt. Ech hun op Grond vun där Ausso eng Proposition gemaacht, déi awer am Detail méi nuancéiert as wéi déi generell Ausso, déi eis Partei an de leschte Wale gemaacht hat.

Mir hu gemengt, datt d'Zäit komm wär, fir dat, wat ënner dem Terme «immunité parlementaire» an eisem Verfassungsrecht verstane gët, deelweis ze reforméieren.

Et muss ee wëssen, datt zwee Artikelen aus der Verfassung, den Artikel 68 an den Artikel 69, sech mat der parlamentarescher Immunitéit en tant que telle befaassen. Et sin awer hei zwee verschidde Problemer, déi ugeschnidde gin. Am Artikel 68 geet et ëm d'Irresponsabilitéit vun den Deputéierten, dat heescht fir dat, wat si am Kader vun hirem Fonktioun maachen oder soen; wéi zum Beispill e Vote an der Châmber. Am Artikel 69 geet et ëm d'Inviolabilitéit, dat heescht ëm déi Immunité parlementaire, déi mir normalerweis mengen, wa mir iwwer Immunité parlementaire schwätzen. Dat as déi stroferechtlech Immunitéit. Et muss een déi zwou Saachen also trennen.

Ech proposéiere selbstverständlech, wat d'Irresponsabilitéit, also déi Immunitéit, déi aus dem Artikel 68 ervirgeet, ubelaangt, keng Modifikatioun. Dëst as eng Proposition, déi am Artikel 68 vun eiser Verfassung steet. Si hat an der Vergaangenheet hir Valeur, a si soll och nach an Zukunft bestoë bleiwen. Ech mengen, et kann nët sin, datt d'Deputéiert fir déi Proposé, déi se an der Châmber maachen, a fir d'Voten, déi si ofgin, kënne stroferechtlech oder zivilrechtlech zur Verantwortung gezu gin.

Et as nëmmen een, deen den Deputéierten am Exercice vu sénger Fonktioun, fir dat, wat e seet oder mécht, zur Verantwortung zéie kann, an dat as de Wieler. Et as an der Essenz vun der parlamentarescher Demokratie, datt en Deputéierte séng Meinung fräi äussere kann, egal wéi radikal séng Proposé sin; och wann een nët domat averstanen as. Et kann nët engem Strof- oder Zivilgericht iwwerlooss gin, fir en Deputéierte fir séng Aussoen ze sanktionéieren. Deen Eenzen, deen hei ka sanktionéieren, dat as de Wieler. Dofir bleift dat, wat den Artikel 68 ubelaangt, tel quel bestoen. Ech proposéiere keng Modifikatioun heider.

Ech proposéieren awer eng Modifikatioun, wat d'Inviolabilité ubelaangt. Notamment doru, wat mir normalerweise ënner der Immunité parlementaire verstén. Dir wësst, datt déi Immunité nëmmen a Strofsaachen zielt. De toute façon kann haut ewell all Deputéierten zivilrechtlech belaangt gin, fir egal wéi eng Faitën. Mä bis elo war et esou, datt déi strofrechtlech Belaangung enger préalable Autorisatioun vun der Châmber ënnerworfen war.

Historesch huet dës Dispositioun vum Artikel 69 hir Begrënnung doran, datt am leschte Jorhonnert, wéi dës Artikelen vun der Verfassung geschriwwen gi sin, et sech ëm jonk Demokratie gehandelt huet, wou d'Parlamentar rapport zu der Exekutiv zimlech schwach waren. Wee bei der Feier an der Ettelbrécker Gemeng dobäi war a sech do vum Historiker beschreiwen gelooss huet, wéi dat an der Mëtt vum leschte Jorhonnert zougaangen as - wéi d'Parlament sech schwach aus der Stad op Ettelbréck zréckgezunn hat, fir als Constituante ze schaffen -, gesäit, datt eleng dat beweist, wéi schwach d'Parlament deemools vis-à-vis vun der Exekutiv war. Et war fir ze verhënneren, datt Pressiounen vu Säite vum Exekutiv kéinten op d'Parlament ausgeübt gin. Dës Dispositioun war virgesinn, fir virun enger iwwermächtiger Exekutiv ze schützen.

D'Zäiten hu sech geännert, net nëmmen haut, mä schon zënter laangem. Mir hun eng Demokratie, déi gutt rodéiert as, a mir hun eng Séparation des pouvoirs. Et denkt jo haut kee méi vum Pouvoir exécutif drun, fir dat do ze maachen an ze justifizéieren, fir dann op esou ee Wee ze goen. Déi historiesch Begrënnung, déi fir d'strofrechtlech Immunité vun den Deputéierten bestanen huet, as verschwonnen, déi existéiert net méi! D'Fro stellt sech, awéifern iwwerhaupt nach eng Begrënnung do as, an awéiwäit et noutwendeg as, fir datt an där Zäit, wou mir liewen, d'Deputéierten e Spezialregim genéisst solle par rapport zu dem Normalbürger dobaussen. Ech gesi keng esou eng Begrënnung méi, déi do kéint existéieren. En Deputéierter kann de toute façon haut och schon zivilrechtlech belaangt gin; ech hat dat jo scho virdrun, ugedeit! Et gët selbsterständlech Nuancen tëschent engem zivilrechtlechen a strofrechtleche Prozess. Mä ëmmerhi besteet déi Méiglechkeet.

Et hu Leit gemengt, datt d'Publicitéit vun esou enger Affär engem Deputéierten schuede kéint. Et kann engem grad esou vill schueden, wann een eng zivilrechtlech Affär huet, déi mat allem Drum und Dran plädéiert gët. Dat kann dem Mandat vun deem eenzelnen Deputéierten, deen en cause as, genausou schueden, wéi dat gegebenefalls bei engem strofrechtleche Verfahren de Fall wär. Mir hun och an der Vergaangenheet gesinn, datt um zivilrechtleche Plang ni Abüë gemaacht gi sin, datt zum Beispill Prozesser gefouert gi sin, fir engem Deputéierten ze schueden. Dat as um zivilrechtleche Plang ni geschitt, an ech fäerten och net, datt dat um strofrechtleche Plang geschéie kéint. Ech gesi guer keng Begrënnung méi an, fir datt déi spezial Autorisatioun hei bestoë muss, fir datt en Deputéierter strofrechtlech ka belaangt gin.

Mir proposéieren also, fir dës Dispositioun an deem Sënn ëmzeännere, datt en Deputéierten, grad wéi een normale Bürger, zu all Zäit virun e Strofgericht zitéiert ka gin. Wann et sollt zu Abüë kommen, esou wéi verschidde Leit et gefaart hun, dann hu mir haut an onse Prozeduren genuch Méiglechkeeten, fir och een, deen abusiv géint en Deputéierten géng virgoen, iwwer d'Procédure abusive et vexatoire sanktionéieren ze loossen. Et gët genuch

Barriären a Remparten, déi hei kéint gemaacht gin, esou datt ech géif mengen, datt mir en toute quiétude dës Modifikatioun virhuele kéinten.

Ech wëll allerdéngs eng Brems agebaut loossen. Ech hun a ménger Propositionen virgesinn, datt een am Fall vun der Privation de la liberté vun engem Deputéierten eng Autorisatioun vun der Châmber brauch, esou laang keng definitiv Condamnatioun virläit. Dee Fall ka während der Période d'instruction vun engem Prozess optrieden, wou et och emol méiglech kéint sin, datt en Deputéierter géng temporairement verhaft gin. Dat dierf net sin, well den Deputéierter «fait part de la souveraineté», an e kann net - soulaang en net definitiv condamnéiert gin as - sénger Liberté d'expression beraubt gin. Dofir hun ech déi Dispositioun stoë gelooss. Esoulaang en Deputéierten net definitiv condamnéiert as, kann et net zu enger Verhaftung oder engem Emprisonnement kommen, ouni eng préalable Autorisatioun vun der Châmber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat as déi eng Modifikatioun, déi ech, wat d'Immunité ubelaangt, proposéieren. Dat heescht, fir d'Autorisation préalable vun der Châmber ofzeschafe fir de Fall, wou et zu enger Action pénale géint ee vun eis géng kommen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner as den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

Discussion

M. Jean Asselborn (LSAP). - Här President, ech wëlt dem Här Grethen merci soen, datt hie mech virléisst. Ech wollt jhust zwee Sätz hei soen iwwer d'Proposition de loi vum Här Weiler, déi fir eis net oninteressant as. Den Deputéierter muss geschützt bleiwen op Grond vum Artikel 68 fir séng Menungsausserungen a séng Voten - dat huet hie jo och ënnerstrach -, an dat schéngt mer och evident ze sin. Mä ech mengen, en Deputéierter brauch haut keng extra Privilegien, keng extra Wurschte méi um penale Plang.

Et as jo klor, dass en flagrant délit, also in flagranti, um penale Plang Poursuitt kënnen direkt déclenchéiert gin no dem bestehenden Text, deen an der Verfassung steet. Wa mer géifen d'Verfassung änneren am Sënn, wéi den Här Weiler et proposéiert, da sin an Zukunft, ausser dem flagrant délit, Poursuitt méiglech, ouni datt d'Châmber gefrot gët.

Ech mengen, wann en Deputéierten - wat reng theoretesch as, dat kënn jo ni vir - géif eng Escroquerie maachen, e Faux en écriture, en Abus de biens sociaux oder irgendwéi eng penal Infraktioun, en Délit, da muss hie kënnen direkt pousuivéiert gin, wéi all Mensch kann direkt pousuivéiert gin, ouni d'Autorisatioun vun der Châmber.

Déi Restriktioun, déi Der maacht, fir datt den Deputéierten net kann arrétéiert oder en détention gesat gin ouni den Accord vun der Châmber, fänne mer scho richtig. Dir schreift och, datt esou vill Saachen kënnen zesummeffléissen, datt eventuell en Deputéierten zu Onrecht kann an esou eng Situatioun erabruucht gin. Dat as theoretesch och méiglech, mä ech mengen, do maache mir eise Riichtere Konfienz, datt esou eppes ni geschitt. Wann en Deputéierten eng Keier géif an eng Infraktioun eraschleiden, dann, mengen ech, wir et richtig, datt mer hei an der Châmber missten e Vote huelen, ob deejéinege kann an Détention gesat gin oder net.

Méng Konklusioun geet och an déi Richtung, an ech soen dat elo nët, fir eis ze bretzen: mä all d'Parteien haten 1993 eng Proposition gemaacht iwwer d'Verfassungsännerungen, a mir haten do als Partei virgeschloen, datt ee sollt den Artikel 69 änneren. Merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner as den Här Henri Grethen agedroen. Den Här Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et kléngt selbsterständlech gutt, wann een esou eng Proposition mécht. An am brede Public trifft et och héchstwaarscheinlech op Zoustëmmung.

Et muss ee sech awer froen, ob mer nët méi wichteg Saachen ze maachen hätten. Mir hun zum Beispill en Artikel an der Verfassung, deen och de Ministeren eng gewësse Protektioun gët. An der Verfassung steet och, dass deen Artikel oder déi Dispositioun an engem Gesetz géif prezisiéiert gin. Hei zu Lëtzebuerg as zënter 1848 nach ni e Gesetz geholl gi fir d'Exekutioun vun deser Verfassungsdispositioun. Eis bëlch Nopere hun dat viru kuerzem gemaacht.

Ech kann Iech soen, Här President, dass méng Partei eng Kéier 1984 op engem Parteikongress vun enger anerer Partei ganz wüst attackéiert gin as. Et as eis ënnerstallt gin, mir wire bestach gin. Déi Persoun, déi dat gesot huet, déi deemools Minister war, konnte mir nët zur Rechenschaft zéien.

Mir konnte se nët zur Rechenschaft zéien, well d'Prozeduren, ënner denen een e Minister kann zur Rechenschaft zéien, an ënner denen hien da gëuertert gët, ganz komplizéiert sin. Mir sin als Partei der Meinung, dass een, ier een iwwerhaapt un den Artikel 69 geet, da fir d'éischt och misst fir d'Ministeren den Droit commun spille loossen. A wann dat dann de Fall wir, da kéint een eventuell drun denken, fir och, wat d'Deputéierten ugeet, an eng Richtung ze goen, wéi den Här Weiler se proposéiert.

Obschon ech mech froen, wou déi Protektioun vun den Deputéierten an dene leschte Jorzénge Schwiregketen ergin huet. Ech weess, datt bei deem engen oder anere Kolleg d'Chamber huet missen iwwer eng Levée vun der Immunitéit diskutéieren, mä an der Praxis huet dat keng Schwiregkete bruecht. Eischter souguer huet de Fall, datt eng Levée vun der Immunitéit gefrot gin as, zu enger Virverurteilung vun deem Deputéierte bäigedroen.

Wann et an deem Sënn wir - aus dem Exposé des motifs geet dat nët esou ervir -, wann et de Souci vum Auteur wir fir ze évitéieren, dass et zu enger Virverurteilung vun engem Deputéierte kënnt, deen, à tort ou à raison, an esou enger Prozedur implizéiert as, da kéinte mir als Fraktioun mat op esou ee Wee goen; mä, wéi gesot, ëmmer ënnert der Prämiss, dass och fir d'Membere vun der groussherzoglecher Regierung endlech déi Dispositiounen geholl gin, déi an der Verfassung virgesi sin.

M. le Président. - Den Här Justizminister Luc Frieden freet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Ech muss dem honorablen Här Grethen soen, datt d'Membere vun der sougenannter groussherzoglecher Regierung, contrairement zu den Deputéierten, nët vun irgendeiner Immunitéit bénéficiéieren.

Et as mer wuel bewosst, datt am Artikel 116 iwwer d'Responsabilitéit vun de Ministere Rieds geet, an datt dat Gesetz, wat d'Extradispositiounen géif prezisiéieren, bis haut nach nët do as. Dat heescht awer, datt doduerch déi nor-

mal Dispositiounen vum Code pénal op d'Ministeren, wéi op all normale Bürger, applikabel sin, wat och ganz normal as. Dat Eenzezt, wat bei de Ministeren ënnerschiddlech as, dat as, datt se effektiv virun der Cour supérieure en assemblée générale jugéiert géife gin, wat awer als Konsequenz huet, datt et dofir och keen Degré d'appel gët. An dofir, wann een dat eng Kéier géif änneren, wär et sécher am Intérêt vun de Membere vun der groussherzoglecher Regierung. Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Den nächsten Diskussionsriedner as den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et as zwar schwéier, fir mäi Fraktiounskolleg Jacques-Yves Henckes ze verrieden, virun allem, well dat hei méi e juristeschen Terrain as, op dee mer eis begin, mä ech maachen awer mäi Bescht. Mir hun hei d'Proposition de loi vum Kolleg Weiler virleien. Mir als ADR hun och prinzipiell keng Problemer domat, fir eng Vereinfachung an der Prozedur ze maachen, an datt een, virun allem wat déi zivilrechtliche Prozesser ubelaangt, géif eng Prozedur virmaachen, wou nët onbedingt misst d'Immunitéit opgehuewe gin.

An der Vergaangenheet konnten an där heiten Affär zum Beispill Abüé géint d'Deputéiert gemaacht gin. Ech erënnere drun, datt mer kuerz virun dene leschte Chamberwalen, an esou engem zivilrechtliche Prozess, d'Immunitéit vu méngem Fraktiounskolleg Roby Mehlen heibannen opgehuewen hun, wou dann dobaussen am Land selbsterständlech eng Virverurteilung stattfand huet. Et muss een allerdéngs soen, datt mer haut, véier Jor méi spéit, näischt méi héieren hu vun deem Prozess, esou datt ee wirklich ka soen, datt hei virun de Chamberwale versicht gin as, engem Deputéierten eppes unzehänken an och nach séng Immunitéit opzehiewen. No de Walen hu mer näischt méi vun deem Prozess héieren. Do kann ee wirklich soen, datt do en Abus gemaacht gin as, fir déi Immunitéit opzehiewen.

Ech erënnere drun, datt deemools, dee selwechten Dag, hei den Ofschlossrapport vun der sougenannter Walissenaffär diskutéiert gin as. D'Majoritéit hat et verstanen, fir deen Abus nach ze iwwerspëtzen, andeem se d'Immunitéit an där privatrechtlicher Affär an der selwechter Sitzung opgehuewen huet wéi déi, an där de Rapport vun der Walissekommission diskutéiert gin as. D'Leit dobaussen am Land - an dat hu mir dann och an der Praxis all Dag um Terrain konnte feststellen - waren der Meinung, d'Immunitéit wir opgehuewe gi weinst der Walissenaffär.

Dat war en taktische Schachzuch vun der Majoritéit, deen Der, wéi ech muss nodréiglech soen, gutt agefädelé hat, mä wou een awer haut fäherweis muss soen - an de Kolleg Weiler grinst dohannen aus voller Freed -, datt dat deemools esou war, wéi ech dat hei elo dokumentéiert hun. Dofir hätte mir guer näischt dogéint, wann en Deputéierte kéint op e Gericht goen, a privaten an an zivilrechtliche Saachen, ouni datt séng Immunitéit hei opgehuewe gët.

Ech erënnere un en anere Fall, wou e Kolleg heibanne souguer Demandeur war, fir datt séng Immunitéit géif opgehuewe gin, fir datt hie sech iwwerhaapt kéint verteidige goen op d'Gericht. Vläicht praktizéiere mer hei momentan nach eng iwwerholle Prozedur. Ech géif dann uschlëssend nach soen, datt mir als ADR der Meinung sin - an do schlëssen ech mech de Wieder vu méngem

Virriedner, dem Kolleg Grethen, un -, datt een awer och soll Transparenz an déi ganz politesch Landschaft bréngen. Et as fir eis als ADR selbstverständlech, datt, wa mer déi Diskussioun am Detail a konkret wëlle féieren, dat net nëmme fir d'Deputéierten de Fall as, mä datt mer dann och sollten déi Regelung, wéi d'Verfassung, d'Gesetz se virgesäit, fir d'Regierungsmembere maachen.

Wann ech elo grad d'Wierder héieren hu vum zoustänneg Minister, deen dat souguer als en Avantage fir d'groussherzoglech Regierung gesinn huet, dann däerf deem jo och näischt am Wee leien, fir datt een déi zwee Sujetë kéint zesumme behandelen. Ech sin iwwerzeegt...

(Interruptions)

...Här Weiler, et gët verschidde Leit am Land, déi emol deen een oder deen anere Regierungsmember wollten usichen, an déi sin all Kéier op Granit gestouss. Am Kader vun der Prozedur war et net méiglech, fir e Regierungsmember unzesichen. Also, d'Praxis as anescht.

(Interruptions)

D'Praxis as esou, datt bis haut nach keen hei am Land konnt e Regierungsmember usichen. Also as et e Problem an der Praxis, fir kënnen e Regierungsmember unzesichen, an et geet net, datt bei den Deputéierte versicht gët, eng vereinfacht Prozedur anzuschleisen, an datt d'Regierungsmembere, déi net direkt vum Vollek gewielt gi sin, sollen iwwer eng Narrefräiheet verfügen, déi et an engem demokratesche Rechtsstat net däerf gin.

M. le Président. Dee leschten Diskussionsriedner as den Här François Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Här Weiler huet elo grad e Stéchwuert geliwwert an der Tëscheronn, wou hie seet, d'Chamber wär de Pouvoir discrétionnaire vun der Regierung. Hien huet Recht domat, an ech wëll him och direkt e Beispill zitëiere vun der leschter Legislaturperiod, wou ech d'Chance hat, an der Commission de Travail ze setzen, wou vun engem Affekot eng Plainte géint e Minister gemaacht gin as weinst Faux en écriture, dee bewise war.

De Staatsrot hat deemools eng Décisioun geholl, déi engem Recours en annulation vun deem selwechte Jurist Rechnung gedroen huet. Et geet em eng Décisioun, déi e Minister geholl hat en rapport mat engem Flüchtling, deen hei an de Prisong gesat gi war. Dee betreffende Jurist huet dun eng Plainte géint de Minister weinst Faux en écriture gemaacht, well deen nämlech behaupt hat, et wir eng Décisioun, déi geholl gi wir am Gouvernement en Conseil, wéi et virgesinn as an dene betreffende gesetzlechen Texter. Mä de Gouvernement en Conseil, dat war leider de Feler, deen ënnerlaf war, tagt net sonndes, an et war awer op sonndes datéiert. Et huet sech dun och erausgestallt, datt de Gouvernement en Conseil ni doriwwer statuëiert hat, an donc as e Recours en annulation gemaacht gin, an den Affekot krut Recht virum Conseil d'Etat. Hien huet eng Plainte gemaacht bei der Chamber weinst Faux en écriture, well säi Client an de Prisong gesat gin as zu deem Zäitpunkt.

Allerdéngs kann ech lech och soen, wéi d'Geschicht ausgaangen as: d'Plainte as am Tirang verschwonnen, an d'Chamber huet, dans sa majorité natierlech, decidéiert, de Minister ze protégéieren an näischt ze maachen. Dat illustréiert dat flott Gremium Chamber, wat mer hun, fir iwwer e Minister ze statuëieren.

Ech sin och der Meinung, wéi den Här Grethen a verschidden aner Riedner hei, datt, wann een iwwer déi do Fro schwätzt, een och soll d'Regierungsmembere mat abezéien. Et schéngt mir och logesch ze sin, datt dat un éischter Stell misst gemaacht gin.

Dat gesot, si mir awer d'accord, an d'Richtung ze goen, wéi dat Gesetz hei opgestallt as. Ech hu jhust ee Problem, dat muss ech éierlech soen, an zwar mat där Differenz, déi gemaacht gët - wéi den Här Weiler dat och a séngem Exposé des motifs seet, wou hien d'Formule jurisprudentielle zitëiert - tëschent de Manifestations d'opinions, déi e Parlamentarier unhänke soll u säi Mandat, an denen, déi en als Mandataire soll verrieden.

Fir mech as et wirklech schleierhaft, wéi een do heiansdo d'Differenz soll maachen. Wéi soll ech dann elo een Deputéierte belangen, wann ech weess, datt en irgend-eppes gesot huet op der Place publique, wat an irgend-engem Zesammenhank steet mat deem, wat hei an der Chamber oder um legislative Plang diskutéiert gët.

Ech ka mir ganz gutt virstellen, datt ee bei allem, wat e Mandataire seet, ëmmer erëm Lienë fënt.

Ech fannen dofir, datt et iwwerflësseg as, fir dat elo hei esou ze trennen. Ech géing et souguer geféierlech fannen! Ech fannen et wichteg, datt en Deputéierte weinst sénger Opinioun, déi e vertritt, net belangt ka gin, souguer wann Opiniounen vertruete gin, déi guer net schmaachen an esouguer heiansdo deontologesch kontestabel sin. Ech fannen, datt et ënner dem Stréch ganz schwéier as, fir ze jugéieren, wat am Kader vu séngem Mandat politesch richtig oder net richtig as, fir wat e ka belangt gin, a fir wat net! Ech mengen, datt dat eng geféierlech Diskussioun géif gin. Mir schéngt et generell immens wichteg ze sin, datt een dat Instrument erhält. Mat denen Argumenter, déi den Här Weiler fir dee penalen Deel ufëiert, si mir selbstverständlech d'accord.

M. le Président. - Dëse Punkt wär domat ofgeschloss, a mir kommen elo zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung, an dat as d'Proposition de loi 4355 vun der Mme Anne Brasseur iwwer «les débits de boissons non alcooliques». D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, d'Mme Anne Brasseur.

7. Proposition de loi 4355 de Mme Anne Brasseur relative à la modification de la loi du 15 juillet 1993 concernant les débits de boissons non alcooliques

Mme Anne Brasseur (DP), auteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Proposition de loi, déi den Titel dréit - relative à la modification de la loi du 15 juillet 1993 concernant les débits de boissons non alcooliques -, geet et drëm, fir eng Regelung ze treffen, wat d'Heure de fermeture vun den Take-outen ubelaangt.

Wat as en Take-out ? En Take-out as eng nei Form vu Commerce, fir Iesswueren a Gedränk duerch e Guichet no baussen ze verkaufen. Dat as sécherlech an onser Zäit noutwendeg, an huet besonnesch owes e ganz groussen Uklang bei enger gewësser Populatioun fond. Dat as en Uklang, géint deen ech och näischt hun. De Problem awer dee sech bei denen Take-outë stellt, as datt si - weinstens bis elo - ënner keng Legislatioun falen. Mir sin hei an engem Vide juridique. De But vu ménger Proposition de loi as, fir dëse Vide ze combléieren.